# De Staat muss d'Sécherheet vum Bierger garantéieren

D'Sécherheetssituatioun zu Lëtzebuerg gëtt vill Grond zur Suerg. D'Gewalt géint Persounen an d'Klengkriminalitéit gehéieren dozou, awer och d'politesch Orientatiounen, wat d'Staatssécherheet ugeet, a rezent Evenementer ënnert anerem an Däitschland a Frankräich. D'ADR huet am Laf vun de Méint an allen Debatten iwwer d'Sécherheet konkret Propose gemaach  an och eng ganz Rëtsch Moossnamen a Gesetzer kritiséiert, déi d'Sécherheet vum Land schwächen. Et wär un der Zäit, eist Land esou gutt wéi méiglech op all Sécherheetsrisike virzebereeden an och fir déi beschtméiglech Präventioun suergen.

An Europa hunn an de leschte Wochen Attentater vill Geforen a Risiken rappelléiert. Datt nach näischt zu Lëtzebuerg geschitt ass, däerft e groussen  Deel Chance sinn.

Honnertprozenteg Sécherheet gëtt et net! Terrorismus ännert seng Strategien, an all Land muss sech dorop astellen. Eenzeltäter, mat oder ouni Komplizen, sinn onberechenbar a kënnen ëmmer fir Schued suergen, op se ënner IS-Afloss stinn oder net. Awer d'Sécherheetsorganer mussen à même sinn, ze handelen an dat ze verhënneren, wat ze verhënneren ass.

Am eenzelen beliichte mer dës Punkten:

- Etat d'urgence an der Verfassung
- Stäerkt vun eise Sécherheetsorganer
- D'Situatioun bei der Arméi
- D'Police muss opgewäert ginn
- Douane: punktuell Kontroll ass néideg
- SRE: Fir bannepolitesch Opklärung
- HCPN: Efficace ass anescht
- Hëllefsdéngschter: Wou bleift d'Gesetz?
- Sécherheet a Migratiounskris

**Etat d'urgence an der Verfassung** - D'ADR ass fir eng Ännerung vun der Verfassung fir datt de „Noutstand" (Etat d'urgence) net nëmme bei internationale Krise gëllt mä och bei nationale Krisen. D'ADR wäert deen aktuelle Virschlag, vun der Chamber-Kommissioun  vun den Institutiounen an der Verfassungsrevisioun dofir am Prinzip matdroen. D'Chamber muss  déi extrem Mesure mat 2/3-Majoritéit an de virgesinnenen Délaie confirméieren an eng streng Kontroll behalen.

**Stäerkt vun eise Sécherheetsorganer** - Befaasst mat eiser banneschter Sécherheet sinn am Prinzip sechs  verschidden Organer. Dat sinn d'Arméi, d'Police, d'Douane, de SRE (Geheimdéngscht) an den HCPN (Haut Commissariat pour la protection nationale) an déi zukünfteg Verwaltung vun de Services de secours. D'ADR verlaangt, datt all déi Organer op mannst déi Zuel u Leit hunn, déi virgesinn ass. Selbstverständlech mussen dës Organer Accès hunn zu deene modernsten Technologien an deementspriechend ekippéiert sinn. Si mussen och fir eng efficace Koordinatioun mat allen anere Servicer suerge kënnen, déi am Krisefall betraff sinn (z.B. d'Santé oder d'Radioprotectioun, d'Giichtercher…).

Et gëtt och d'Noutwennegkeet, besonnesch bei der Arméi a bei der Police, déi Effektiver méi grouss ze maache fir d'Sécherheet am Land a punkto Terrorismus awer och a punkto Kriminalitéit besser ze garantéieren.

**D'Situatioun bei der Arméi** - D'ADR huet fir den Hierscht eng Interpellatioun an der Chamber zum Thema Arméi ugefrot. Dee gréisste Problem vun der Arméi ass am Abléck hir dramatesch personell Ënnerbesetzung. Éischt Prioritéit ass et dowéinst, d'Arméi op hir gesetzlech Soll-Stäerkt ze bréngen an hir Attraktivitéit ze stäerken.

**D'Police muss opgewäert ginn** - D'ADR ënnerstëtzt eng Reform vun der Police, déi der Police méi Personal, besser Equipementer an och méi Kompetenze gëtt. Eng Reform, déi net vun de verschiddene Police-Departementer matgedroen gëtt an héig kontroverséiert ass, ass eng schlecht Reform. An deem Kader: Fir d'ADR ass kloer, datt d'Police muss kënnen e „Platzverweis" ausschwätzen an datt si zu all Abléck muss kënnen Identitéits- a Sécherheetskontrollen duerchféieren.

Amplaz, datt d'Police Avantage verléiert (Déngschtwunnengen, Iesse während der Ausbildung, nei Paie-Grille mat hiren Ongerechtegkeet, de Rechtsschutz vum Polizist am Asaz …), misst den Déngscht opgewäert ginn, fir datt et mënschlech an och finanziell interessant ass, fir d'Sécherheet vum Bierger ze suergen.

Op rechtlechem Plang mussen d'Gesetzer iwwer d'Kriminalitéit (Gewalt géint Persounen, Drogen- a Mënschenhandel) iwwerschafft ginn a nei Mesuren agefouert ginn: Verbued vun der Burqa (Vollverschleierung), Méiglechkeet vun der Decheance vun der duebeler Nationalitéit, Comparution immédiate, alternativ Strofen (Führerschäinentzuch, sozial Aarbecht …), Verschäerfung vun de Konditioune fir presuméiert Gewalttäter, déi *in flagranti* erwëscht gi sinn, nees fräi ze loossen, efficace legislativ Moossnamen géint organiséiert Heeschebanden … Am Nationalitéitegesetz muss d'Méiglechkeet vun der *„déchéance de nationalité"* virgesi sinn.

D'ADR ass fir e strengst méiglecht Virgoe géint den internationale Waffenhandel op europäeschem Plang. D'ADR ass dergéint, Waffegesetzer esou ze verschäerfen, fir Privatleit, wéi de Jeeër, Waffesammler, Membere vu Schéissveräiner oder (Krichs)Muséeën, et méi schwéier ze maachen, hiren Aktivitéiten nozegoen.

D'ADR ass fir d'Erlabe vu Pefferspray fir d'individuell Noutwier, am Kader vun den aktuelle Gesetzer geregelt iwwer d'Recht, sech selwer ze verdeedegen an och iwwer den Tatbestand vun der Kierperverletzung.

**Douane: Punktuell Kontroll ass néideg** - D'Douane muss zu all Moment kënne punktuell a cibléiert Grenzkontrolle maachen a séier an efficace grenziwwerschreidend Kooperatioun assuréieren. Dofir musse personell a materiell all Ressourcen zur Verfügung gestallt ginn a net, wéi aktuell geplangt, d'Douane-Servicer ze reduzéieren oder mat déngschtfriemen Aufgaben ze iwwerlaaschten.

Prinzipiell ass d'ADR fir oppe Grenzen an dee fräie Persouneverkéier. Awer d'ADR seet och: Oppe Grenzen, jo, awer nëmme fir déi éierlech Leit!

**SRE: Fir bannepolitesch Opklärung** - An de rezente Chamberdebatten huet d'ADR sech ënner anerem d'Fro gestallt, ob et richteg ass, dem SRE (wéi en elo heescht) all bannenzeg Opklärung – bis

op e puer extrem Ausnamefäll - ze verbidden? D'ADR ass där Meenung, datt dat Gesetz iwwer de SRE nach eemol muss iwwerschafft ginn. Et muss méiglech sinn, potentiell geféierlech Persounen oder Gruppen ze observéieren, och fir eventuell kënnen eng weider Radikaliséierung ze verhënneren. De Geheimdéngscht däerf net blann gemaach ginn bei deem, wat hei am Land geschitt.

D'ADR ass awer selbstverständlech der Meenung, datt d'Aktivitéite vum Geheimdéngscht mussen an engem streng geregelte gesetzleche Kader oflafen.

**HCPN: efficace ass anescht** – Wéi beim Geheimdéngscht, ass d'ADR och beim HCPN der Meenung, datt déi Gesetzer déi déi aktuell Koalitioun gemaach huet, net duerginn. Och d'Gesetz iwwer den HCPN muss dowéinst nach eemol op de Leescht geholl ginn. Den HCPN soll méi Kompetenze kréien, souwuel am Virfeld vum Bau vu kriteschen Infrastrukturen, wéi och bei der Kontroll vun de Virschrëften. Dës Verwaltung muss all néideg Moyene kréien, fir séier kënnen ze agéieren a fir am Krisefall d'Zesummenaarbecht vun alle Servicer efficace ze koordinéieren an ze optiméieren.

A méi engem breede Kader, huet d'ADR an der Chamber och **d'"Renegade"-Gesetz** net gestëmmt, dat der belscher an hollännescher Loftwaff erlaabt, géint gekidnappt Fliger virzegoen. Dat muss esou iwwerschafft ginn, datt als lescht Mëttel am Fall vun héchster Gefor fir Land a Leit esou e Fliger kann erofgeschoss ginn.

**Hëllefsdéngschter: wou bleift d'Gesetz? -** Eis ganzt op Benevolat baséierend Rettungswiese stéisst u seng Grenzen. Zënter Joere gëtt am Fräiwëllegen Déngscht eng Opwandsentschiedegung gefrot, richteg geschitt ass awer näischt bis elo oder ass 1 Euro pro Stonn ee gudde Loun? Déi jëtzeg Regierung hat versprach, fir den 1. Januar 2016 eng Reform ëmzesetzen. Awer gestëmmt ass, ass just, datt d'Haftflicht bei den Autoen 3% méi deier gëtt fir des Reform ze finanzéieren.

Technesch si mir ganz séier op Hëllef aus dem Ausland ugewisen. Wat geschitt am Fall vun enger Grenz iwwerschreide Katastroph wo eis Noperen eis net hëllefe kënnen oder wëllen?

D'ADR ass där Meenung, datt déi aktuell Pläng an Dispositioune fir de Katastrophefall net realistesch asetzbar sinn (Plans d'urgence). Eng Katastroph/Attack mat ee puer honnert Blesséierte kann am Moment, ouni substanziell Hëllef aus dem Ausland, net geléist ginn. Aktuell gi Spidolsbetter tendenziell reduzéiert, obschonn d'Populatioun vum Land wiisst. Domat huet d'Land och praktesch ëmmer manner Kapassitéite fir de Noutfall. De Problem vu reelle Kapassitéite gëlt och fir Dokteren a para-medizinescht Personal fir de Noutfall , grad ewéi fir d'Fräiwëlleger am Support psychologique.

D´ADR verlaangt dofir, datt déi ugekënnegt Reform vun de Rettungsdéngschter an der Administration des services de secours sou séier wie méiglech an der Chamber zur Ofstëmmung kënnt. D´Sécherheet an d'Rettung vun de Leit muss déi gréisst politesch Prioritéit hunn .

**Sécherheet a Migratiounskris** - D'ADR mécht keen Amalgamm tëschent de Migranten an den Terroristen. Et wär falsch, d'Aen zouzemaache virum Terrorrisiko an Zesummenhank mat der Migratiounskris. An deem Kontext stelle mir hei eng Rëtsch Moossname vir, déi absolut konform sinn zu internationalem Recht:

- D'ADR ass fir zouverlässeg Grenzkontrollen op den europäesche Baussegrenzen: Wien net identifizéiert an enregistréiert ass, däerf net an de Schengen-Raum eran. Et kënnen europäesch Moossname geholl ginn fir d'Sécherheet vun de Baussegrenzen ze verbesseren

awer nëmmen am volle Respekt vun der nationaler Souveränitéit vun deene concernéierte Länner. Wat d'Kontrollen un de Bannegrenzen ugeet, ass d'ADR fir eng Reform vum Schengen-Traité, déi dës erméiglecht.

- D'ADR verlaangt, datt hei am Land nëmme registréiert Flüchtlingen, deenen hir Identitéit kontrolléiert a gekläert ass, fräi kënnen zirkuléieren. Aner Fäll gehéieren an de Centre de rétention.
- D'Identifizéierung vu Migrante muss europawäit technesch zouverlässeg (z.B. Fangerofdréck) gemaach ginn, an déi Donnéeë mussen allen kompetente Verwaltungen zur Verfügung stoen.
- Wien hei am Land géint Gesetzer verstéisst oder falsch Deklaratioune mécht, huet kee Recht méi op eng Prozedur a muss d'Land verloossen. All Administratioune mussen am Sënn vun der Sécherheet zësummeschaffen, och den OLAI.

- Wie kee Recht op Asyl oder temporäre Schutz kritt, muss d'Land esou séier wéi méiglech verloossen. Et däerf net an der Praxis egal sinn, wéi d'Verwaltungen an d'Geriichter decidéieren.

- D'ADR fuerdert d'Regierung, respektiv d'EU, op fir „Accords de réadmission" mat alle Länner auszehandelen, och mat deenen, déi sech dergéint wieren, Leit vun hirer eegener Nationalitéit zeréckzehuelen. D'EU soll net zécken fir politesch a wirtschaftlech Moossnamen géint Länner ze huelen, déi sech géint eng Réadmissioun wieren (Beispill Algerien).